



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Dossier de presse

WE E S S D E W É I ?

S | C | H | R | E | I | W | E | N .lu

Campagne iwwer d'Lëtzebuerger Orthographie

23 janvier 2017

S | C | H | R | E | I | W | E | N .lu

Campagne iwwer d'Lëtzebuenger Orthographie

Den Educatiounsministère lanciert eng Ëffentlechkeetscampagne iwwert d'Lëtzebuenger Orthographie.

Lëtzebuergesch ass den droende Piliër vun eiser sproochlecher Identitéit an aus deem Grond ass et och e groust Uleies vum Educatiounsministère, fir eis Nationalsprooch ze fleegen an ze fërderen.

Wann an der Ëffentlechkeet iwwert de Stelleväert vun der Lëtzebuenger Sprooch diskutéiert gëtt, da gëtt meeschtens drop verwisen, datt et esouvill an eiser Gesellschaft geschwat gëtt, wéi nach ni. Och wann d'Lëtzebuergesch virun allem an der mëndlecher Kommunikatioun benotzt gëtt, esou gëtt awer och festgestallt, datt dat Schrëftlecht eng ëmmer méi wichteg Roll an eisem Alldag anhëlt.

Et ass mëttlerweil flott, datt mir souwuel staatlech Hëllef (z. B. de Lëtzebuenger Online Dictionnaire) wéi och Privatinitiativen (z. B. spellchecker.lu) hunn, op deenen een d'Orthographie nokucken kann. Allgemeng bestinn awer och de Wonsch an de Wëllen an der Gesellschaft, fir korrekt Lëtzebuergesch schreiwen ze kënnen. Awer net jidderee fënnt d'Zäit, fir reegelméisseg an e Cours ze goen. Aus deem Grond huet den Educatiounsministère am Kontext vun enger Orthographie-Campagne Materialien ausgeschafft, déi jiddwerengem, deen un der Lëtzebuenger Orthographie interesséiert ass, als Hëllefstellung déngen kënnen.

1. E breet Zilpublikum

D'Zilpublikum si Jonker bis Erwuessener. D'Campagne riicht sech also net exklusiv u Schülerinnen a Schüler, mee allgemeng un de breede Public. Viraussetzung ass, datt ee Lëtzebuergesch schwätze kann a vu Virdeel ass et, wann een och gewësse Kompetenzen am Däitschen an am Franséischen huet.

2. Loscht maachen, sech mat eiser Rechtschreiwung ze beschäftegen

Ausgangspunkt vun der Campagne si bekannten traditionell a modern Zitater aus dem Lëtzebuenger *patrimoine culturel* (Literatur, Musek a Film).

Insgesamt goufen aacht dëser Zitater ausgewielt a graphesch op eng uspreechend Aart a Weis opgeschafft (a Form vun Affichen a kuerze Videoen), fir unhand dovu jee weils exemplaresch eng orthographesch Reegel ze erklären. Hei geet et drëm, fir en éischten Abléck an d'Reegel ze ginn a mat Hëllef vum Zitat Loscht op méi ze maachen. D'Reegel déi virgestallt gëtt, ass dofir och ni komplett, mee just a verkierzter Form mat de wichtegsten Informatiounen ausformuléiert.

Zil ass et, Loscht a Virwëtz op méi detailléiert Orthographie-Reegelen ze maachen, déi op engem Internetsite an an enger Broschür explizéiert ginn (cf. Punkt 3). Falls Leit net weider um Detail sollten interesséiert sinn, kréien se awer zum engem e flott kulturellt Zitat an Erënnerung geruff respektiv bäibruecht, an zum anere liesen/héiere se verschidde Grondprinzipie vun der Lëtzebuenger Orthographie.

3. En Internetsite an eng Broschür mat de wichtigste Reegelen

Zentraalt Element vun der Campagne ass den neien Internetsite <http://www.schreiwien.lu>. Nieft den Dokumenter ronderëm d'medial Campagne (Affichen a Videoen) fënnt een hei eng nei Form vu Léierwierk, dat aus am Ganze fofzég Kapitele besteet an awer éischter exemplaresch, wéi mat strenge Reegelen, d'Orthographie méi no bréngt. An all Kapitel sti fir d'éischt e puer Sätz als Beispill, déi de Problem vum Kapitel illustréieren, an och eng kuerz Erklärung. Dono kënnst e prinzipiellen Iwwerbléck iwwert déi verschidden Aspekter vum Kapitel, an och iwwert déi wichtigste Reegelen.

Op dësem Site kann dat komplett Léierwierk nom Enn vun der Campagne och als Broschür erofgeluede ginn, fir alles op ee Bléck ze hunn. D'Broschür wäert awer och als Printversioun uechter d'Land ausgedeele ginn.

4. Eng medial Campagne iwwer véier Wochen

D'Campagne zitt sech insgesamt iwwer véier Wochen, wou sukzessiv nei medial Elementer op ënnerschiddlech Aart verbreet ginn:

All Woch ginn zwee nei kulturell Spréch virgestallt, souwuel a Form vun enger Affiche, wéi och als Video. Dës Videoe solle viral verbreet, gedeelt a geshared ginn. Dëst iwwert d'Facebook-Säit *schreiwien.lu*.

Donieft wäerten d'Affichen och zwou Wochen laang an de Reseae vu *JCDecaux* a *Publilux* (Reseau „Cactus“, „Communes“ an „CFL“) am öffentleche Raum ze gesi sinn.

Während véier Woche wäerten och zéng Busse mat den Affichen hannendrop uechter d'Land fueren.

Ausserdeem wäerten am Laf vun der Campagne Postkaarte vun den Affichen an engem nationale Reseau gratis zu Verfügung stoen, wéi och Setten (*set de tables*) déi op d'Campagne opmierksam maache sollen.